LYCÉE MICHEL-RODANGE LUXEMBOURG

Projet – "ESeAS" Encadrement Spécifique et Accompagnement Scolaire

1) Fir wien?

All Schüler vun 7e – 1e

2) Fir wéi eng Situatiounen?

- Schüler mat spezifeschen Besoinen
  - individuell Betreiung an Ënnerstëtzung
  - CAR Schüler déi hier Prüfung schreiwen (salle séparée, majoration du temps, aide humaine...)
  - Schoulphobie
  - ….
- Schüler mat disziplinareschen Problemer
  - Verstouss géint Klasse Reegelen (op Ufro vum Enseignant cf Prozedur!)
  - Exklusioun op Grond vun engem disziplinareschen Virfall

3) Zieler

- All Schüler d' Méiglechkeet ze ginn, och mat engem Besoin spécifique seng Schoul ze bewältegen
- op laang Siicht den Décrochage scolaire vum Schüler ze verhënneren
- Den Schüler zur Selbstreflexioun bréngen
- Den Schüler iwwerhëlt Verantwortung fir säin Verhalen
- Bei Widderhuelung ginn dem Schüler seng Elteren/ Enseignanten/ Direktioun mat agebonnen

LYCÉE MICHEL-RODANGE LUXEMBOURG

4) Prozedur

Am Fall wou de Schüler vum Enseignant wärend enger Schoulstonn an den “ESeAS” geschéckt gëtt:

- No engem Verstouss géint eng vun de Klasse Reegelen schéckt den concernéierten Enseignant den Schüler mam ausgefëllten Formular(Verstéiss géint d’Klassereegelen) an den ESeAS (C22).

- Am “ESeAS” kritt de Schüler d’ Aufgab sech Gedanken iwwer säin Verhalen ze maachen, dës Iwwerleeungen op Pabeier ze bréngen, an sech ze iwwerleeën wat fir eng Verännerungen néideg sinn, fir dat et net méi zu enger änlecher Situatioun kënnt. De Schüler bleift bis zum Schluss vun der Schoulstonn respektiv bis hien säin Reflexiounsziedel ausgefëllt huet.

- Dës Iwwerleeungen gëtt de Schüler sengem Enseignant of, soubal hien den Enseignant déi nächst Stonn huet. (Am “ESeAS” gëtt eng Kopie vun dësen Iwwerleeungen gehalen).

- No enger 2. Kéier am “ESeAS” innerhalb vun engem Trimester ass e Gespréich mam Schüler, sengen Elteren, dem “ESeAS” Personal, der Direktioun an dem concernéierten Enseignant virgesinn. Sou sollen „Wiederholungstäter“ verréngert ginn.
  No enger 3. Kéier “ESeAS” innerhalb vun engem Trimester kritt de Schüler den folgenden Dag 1 Dag Exklusioun.

5) Allgemenges zum „ESeAS“

No 14:15 soll dësen just benotzt kënne ginn vun Schüler mat spezifeschen Besoinen, déi z.B. nach mussen eng Prüfung noschreiwen wann d’ Disponibilitéiten et zouloossen.